

Ech schwätzen éischtens emol vun der Méiglechkeet, fir d'Visibilitéit vun deem, wat eis Spideeler kënnen, eropzesetzen. Et ass richteg gesot ginn, eis Spideeler sinn net méi schlecht wéi anerer, mä si hu méi Schwieeregkeeten, fir et ze dokumentéieren, well se heiansdo net kënnen noweisen, wat geschitt.

Dofir schafe mer d'Méiglechkeet, fir Kompetenzzentren auszuweisen. Dat setzt méi eng staark Aufgabendeelung an den Haiser viraus. Esou Kompetenzzentre ginn opgrond vu Laaschtenhefter accordéiert, wou Engagementer musse geholl ginn, fir dat ze garantéieren, wat se virgi wëllen ze maachen.

Dann ass et wichteg, dass mer d'Bettenzuel, déi stabil bleift, an engem anere Liicht gesinn, well zu Lëtzebuerg si mer wäit vun deenen Zilsetzungen an de Realitéiten am Ausland ewech, wat den Ambulatoire ugeet.

Mir hunn eenzel Disziplinen, wou am Ausland zu 80%, bis zu 90% ambulatoire behandelt gëtt, a bei eis hei zu Lëtzebuerg zu 20%. Do gëtt et e risige Potenzial an do gi Sue verbëtz, do gi Leit hospitaliséiert, déi net brauchen hospitaliséiert ze ginn, nëmme fir d'Zuel vun de Better heiansdo kënnen ze legitiméieren. Wou ech ganz nuancéiert derzou sinn, mä wou et awer am Intérêt vum Patient, vum Finanzéierungssystem a vum Dréinen an de Spideeler ass, dass mer dat ambulatoire maachen, wat mer ambulatoire kënne maachen.

Dofir soll mam Plan hospitalier déi ambulant Behandlung gefördert ginn.

Hei ass d'Méiglechkeet am Plan hospitalier, dass mer eng Lëscht opstelle vun deenen Interventiounen, déi prioritär mussen hei zu Lëtzebuerg och ambulatoire gemaach ginn. Et ka jo net sinn, dass de Katarakt am Ausland bal zu 100% ambulatoire behandelt gëtt, a bei eis hei zu Lëtzebuerg bal zu 100% stationär. Dat ass net seriö, dat kann net esou sinn.

» M. le Président.- Här Minister, gesitt Der, elo hutt Der schonn iwwerzunn.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Ech kommen zum Schluss, Här President.

Da mengen ech, wat wichteg ass...

» M. le Président.- Awer wierklech, Här Minister!

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Ech kommen direkt zum Schluss. Ech follegen Iech direkt.

» M. Robert Mehlen (ADR).- Passt op Äre Bluttdrock op, Här Minister.

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- Wichteg ass am neie Plan hospitalier, dass mer eng regelrecht Gériatriefilière aféieren. D'Fro ass gestallt ginn, ob nëmmen an den Haiser oder a spezialiséierte Kliniken. Selbstverständlech a Filièren an deene groussen Haiser, déi mer jo nei kategoriséiert hunn an Hôpitaux régionaux an Hôpitaux généraux, wou mer an deene verschiddene Regiounen Hôpitaux régionaux hunn - am Süden eent, am Norden eent, am Zentrum zwee, an d'Zitha als Hôpital regional -, esou dass an deene groussen Haiser jeeweils och Filièrë fir d'Gériatrie entstinn a Pôles de compétence a Saache Gériatrie.

Ech insistéieren net méi vill op déi lescht wichteg Neierung, well e puer Kolleegen dorop insistéiert hunn. Dat ass déi ganz Démarche Qualité an den Haiser, an de spezialiséierte Servicer an enger Superstruktur driwwer, wou mer net méi aneschters kënnen, wa mer am Verglach mam Ausland wëllen duerhalen, well am Ausland ass déi Démarche largement entaméiert vun dokumentéierte Resultater a vun dokumentéierten Aktivitéiten. Mir mussen datselwecht kënne maachen, well soss ginn d'Leit déi aner Säit kucken, net nëmme kucken, mä loosse sech och déi aner Säit behandelen. Et ass ëmmer méi schwéier, fir een zréckzehalen, an et brauch een een och net zréckzehalen, wann ee Qualitéit ka bidden.

Dofir ass e ganzt Kapitel am neie Plan hospitalier der Qualitéitssécherung, der Patientesécherheet gewidmet.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. le Président.- Merci, Här Minister!

» M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.- De Kolleegen een hærzeleche Merci fir déi konstruktiv Beirärg, an Iech, Här President, dass Der mer esou vill Flexibilitéit geséichert hutt.

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Question avec débat vun der Madame Spautz iwwer de Fonctionnement vun der Familljekeess.

» Mme Vera Spautz (LSAP).- Ech kann den Débat mat mer selwer féieren, d'Ministesch ass net do.

» Une voix.- Déi ass ënnerwee!

» Mme Vera Spautz (LSAP).- Solle mer esou laang waarden, oder?

» M. le Président.- Mir waarden, bis d'Madame Minister hei ass.

(Interruption)

» Mme Vera Spautz (LSAP).- Den Här Di Bartolomeo kennt den Dossier a kéint drop äntworten.

» M. le Président.- Mir kënnen den nächste Punkt vum Ordre du jour huelen. Ier mer awer zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, komme mer nach zum Ordre du jour vu muer.



3. Ordre du jour

Mir hate virgesinn, fir an eiser Sitzung vu muer de Punkt iwwert de Finanzement vun de grouse staatlechen Infrastrukturen ënnert der Form vun engem Débat de consultation ze traitéieren. Ech muss awer soen, dass no Récksprouch mat de Fraktiounen et eis besser schéngt, dass mer dëst ënner enger anerer Form maachen, wéi mer dat och d'lescht Joer gemaach hunn, dat heescht, fir d'éischt schwätzen d'Rapporteurs, duerno déi eenzel Deputéierten an zum Schluss äntworten d'Ministeren op déi Froen, déi gestallt gi sinn.

Si mer d'accord mat där doten Ëmännerung vun der Prozedur?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Vu dass d'Madame Minister nach net hei ass, géif ech emol proposéieren, dass mer kéinten den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour huelen, de Projet de loi 5882. Madame Err, wiert Dir bereet, fir direkt de Rapport ze maachen?

» Mme Lydie Err (LSAP).- Ech kann dat maachen. Ech schwätze jo oft am Liewen. Dat ass kee Problem.

(Interruptions diverses et hilarité)

» M. le Président.- Madame Err, Dir hutt d'Wuert.



4. 5882 - Projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» Mme Lydie Err (LSAP), rapporteuse.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, deen eigentlech e konsultatiivt Organ vun der Regierung schaaft, mä deen eis sécherlech gradesou vill ugeet wéi d'Regierung. Mir kënnen dee jo dann och an aller Rou ënner eis hei an aller Intimitéit behandelen. Et geet dorëms, fir dass mer déi Commission consultative des droits de l'Homme, déi mer zënter 1999...

» M. le Président.- Ech géif dann emol ëm Opmierksamkeet fir d'Madame Err bidden!

» Mme Lydie Err (LSAP), rapporteuse.- ...annoncéiert kruten an déi et zënter Joren - mä iwwert de Wee vun engem Règlement - gëtt, haut sollen ëmwandelen an eng Commission consultative, déi eng aner Base légale kritt, dat heescht, déi am Fong e Gesetz als Basis kritt.

Firwat ass dat esou wichteg? Mä well entretemps vun der UNO aus nei Prescriptiounen erauskomm sinn, déi virschreiw, dass d'Nationalstrukturen iwwer Mënscherechter mussen eng Base légale hunn, fir als representativt nationaalt Gremium un internationale Plang kënnen unerkannt ze ginn.

Mir wëllen natierlech och, dass eis Commission consultative eis och kann am Ausland

valablement verrieden. Dat ka se net ënner hirem aktuelle Statut, deen am Fong nëmmen - enfin, „nëmmen“ - eng Reglements-basis huet. Dat ass och d'Ursaach, firwat mer dee Projet hei elo e bësse rapid op den Ordre du jour kritt hunn, well en ass eréischt am Laf vum dësem Joer déposéiert ginn.

De Statsrotsavis kouw elo rezent, mä och déi Chambres professionnelles, déi hiren Avis dozou ofginn hunn, hu relativ schnell geschafft. An och wa mer eréischt dee Projet hei d'virescht Woch akzeptéiert hunn a viregt Woch eréischt diskutéiert hunn an der Kommissioun, hu mer dat gemaach, fir dass eng Sitzung, déi uganks November stattfënnt, dësem alen oder bestehende Gremium et erlaabt, ënner senger neier Form als vollwäertegt Mitglied unerkannt ze ginn.

Vläch an dräi Wieder, wat an deem Gesetz hei drasteet a wat de Mandat vun der Kommissioun ass. Et ass ganz kloer, déi Commission consultative ass en Organe consultatif vun der Regierung a ka gefrot gi vun der Regierung, fir Avisen zu Texter an zu Problemer ze maachen. Si ka sech awer och autosaiséieren a sech gegebenenfalls selwer ausdrécken iwwer Projeten, déi an der Aktualitéit sinn.

Déi Kommissioun huet 21 Memberen. Wa mer an deem leschte Rapport annuel vun der Kommissioun kucken, da stellt ee fest, dass do verschidde Profiler dra vertruete sinn, logescherweis och Juristen. Mä vläch sinn aner Profiler wéi déi vun de Juristen ënnerrepresentéiert, esou dass een, och wann een elo net wëllt nei Konsultationsgremie fir d'Kompositioun oder fir de Renouveau vum der Kommissioun schafen, sech eventuell ka froen, a wat fir enge Beräicher et particulièrement interessant nach kéint sinn, Spezialisten derbäi ze hunn.

Et ass jo net par hasard, wou Synergie sollen duerch dëst Gesetz geschaaft ginn, déi et net nëmmen dem Médiateur, mä och dem ORK, der Commission nationale de protection des données an nach anere Gremien erlaben, als konsultativ Membere bei den Assemblée-généralen derbäi ze sinn, ebe just fir hiert Fachwëssen an engem spezielle Gebitt vun de Mënscherechter mat afléissen ze loossen an déi Debatten, déi an der Kommissioun stattfannen.

Den aktuelle President ass de Jean-Paul Lehnens. Mir an och d'Regierung hunn eis bis elo net an déi Saachen do anzemësche gehat, ausser d'Nominatiounen, déi vun der Regierung proposéiert ginn, mä de President an de Fonctionnement vun dëser Kommissioun, déi ginn natierlech decidéiert vun der Kommissioun selwer. De President an d'Vizepresidente mussen mat enger Majorité absolue vun hiren eegene Kolleegen genannt ginn. A si hunn, wéi dat logesch ass, d'Méiglechkeet, un hir Avisen en Avis minoritaire mat unzeschleissen. En Avis minoritaire, deen nëmme kann annexéiert ginn, wa weinstens dräi Leit aus dëser Kommissioun domadder averstane sinn.

Vläch ee Wuert Explikatioun. De Statsrot huet a sengem Avis gemenzt, et wär logesch, dass ëmmer dann, wann ee Member en aneren Avis hätt, dee kennt en Avis minoritaire uschleissen. An der Kommissioun ware mer der Meenung, dass et rasonnabel wier, fir d'Kohärenz vun där Kommissioun do unzuerkennen, fir dräi Leit als Support vun engem Avis minoritaire virzegesinn. Mir sinn also och dobäi bliwwen a mir hunn op deem Punkt d'Suggestioun vum Statsrot net ugeholl.

Mir hunn och eng aner kleng Ännerung als Kommissioun virgeschloen, an zwar déi, dass et an der Assemblée plénière, esou wéi et am Text vun der Regierung drastoung, méiglech ass, e Vote par procuration ze maachen. Mir fannen et wichteg, dass dee Vote par procuration ka passéieren. Mir hunn eng Prezisioun derbäigesat an deem Sënn dass mer soen: Ee Member kann eng Procuratioun hunn, mä hie kann net eng Procuratioun fir méi aner Memberen hunn.

Et hätt ee sech och nach kënne Froe stellen, ob déi Procuratioun muss schrëftlech sinn, fir dass ee sécher ass, dass dat par procuration ofgestëmmt gëtt. Mä bon.

Vu dass am Projet de loi selwer drastoung, dass deen Text ausgeschafft ginn ass an enger Konsultatioun mat deene Leit aus der Kommissioun, gi mer dervun aus, dass dat bis elo kee Problem war. A mir wëllen dann als Baussestehend souzese keng Problemer do siche goen, wou déi Leit, déi selwer concernéiert sinn, keng haten.

Interessant ass et dann och nach - wéi dat bis elo och de Fall war -, dass déi Kommissioun sech kann entouréiere loosse vu Groupe-de-travaillen an organiséieren an Experten héieren an dass se hiert eegent Règlement kënne maachen.

Interessant ass och bei den Dispositions financières - an dat kennt een eigentlech contestéieren -: «Les frais de fonctionnement de la commission sont à charge du budget de l'État dans la limite des crédits budgétaires. Le secrétariat est assuré par des employés de l'État.» Dat ass eng Formulatioun, déi d'Madame Ministesch, déi de Moment heibannen ass, ganz gutt kennt, well mir hunn déiselwecht Formulatioun am Centre de l'égalité.

Och do hunn ech se net bedeitend gutt fonnt, mä...

(Interruption)

...enger Struktur, där ee wëllt iergendeng wichteg Missioun ginn, misst een eigentlech eng Garantie ginn, dass net nëmmen déi Memberen, déi doranner schaffen, respektéiert ginn, mä du moins dass se e Sekretariat hunn, wat d'Kontinuitéit kann assuréieren.

Ech kann Iech soen, dass ech probéiert hunn, Detailfroen iwwert déi Kommissioun gewuer ze ginn, an dass déi Téléphonsnummer, déi am Rapport annuel an och um Internet steet, net besat war. Dat wonnert mech net, esou wéi den Artikel libelléiert ass. Ech fannen dat net gutt, well ech denken, dass, wann een e Gesetz mécht, fir eng Kommissioun, déi eng wichteg Missioun huet, ofzeänneren, een da misst hinnen och d'Méiglechkeet ginn an d'Moyenen zur Verfügung stellen, fir déi Missiounen, déi se hunn, wierklech auszuféieren.

Ech soen Iech vläch nach zur Organisatioun e puer Elementer. Si hu Sous-Kommissiounen. Véier Sous-Kommissiounen gëtt et an der Commission actuelle. Eng iwwer Education, eng iwwer Institutionen an eng iwwert Demandes d'asile et d'immigration, an da gëtt et e Groupe de travail iwwert d'Mineurs en prison.

All déi Saachen do maachen déi Organisatioun vun den Aarbechte ganz logesch, fir ze wëssen, wat op der Table des matières vun 2007 vun dëser Kommissioun stoung. Fir d'éischt emol en Avis zu engem Projet de loi iwwert de Centre de rétention. Si hunn och par autosaisine e Communiqué gemaach iwwert d'Gesetz vum Droit d'asile. Si hunn iwwer Refoulementer e Communiqué gemaach. A si hunn natierlech am Kader vum 60. Anniversaire vun der Déclaration universelle des droits de l'Homme - dëst lescht Joer - Aktivitéite gehat, déi dëst Joer an d'Praxis ëmgasat gi sinn.

Aner Aktivitéite vun der Kommissioun 2007 waren notament iwwer hire Statut, wou d'Konklusiounen zu där Gesetzgebung gefouert hunn, déi mer haut iwwert d'Ronne kréien. Nach eng kéier iwwert d'Mineuren am Prisong, iwwert d'Education aux droits de l'Homme, obschonn dee Volet wierklech och an hirem Rapport annuel vläch e bëssen ze kuerz kennt; wat awer och vläch eppes domat ze dinn huet, dass déi Leit, déi an där Commission consultative des droits de l'Homme dra sinn, e Jeton kréien, deen net terribel incitativ ass, fir op verschiddene Punkten an den Detail ze goen.

Ech menge beispillsweis, dass d'Education aux droits de l'Homme eppes wier, wat wichteg wier fir ausgeschafft ze ginn, fir Programmer oder weinstens Deelprogrammer virzeschloen. Dat ass de Moment net geschitt. Vläch ass déi Base légale en neien Incentive fir dës Kommissioun, fir all déi nombreuses Missiounen, déi se hunn, obscho se eigentlech keng Moyenen zur Verfügung gestallt kréien, mat enger neier Base légale méi effizient kënnen ze exekutéieren, wéi dat bis elo de Fall ass.

Ech wollt och, Här President, zu dësem Thema eng Motioun an eng Resolutioun erausginn. Déi ass ënnerschrifft vum Här Fayot, vum Här Glesener, vum Här Carlo Wagner, vum Här Félix Braz a vu mir selwer. Do steet am Fong haaptsächlech dran - an ech si sécher, dass d'Ministesch dee Message un d'Regierung mat grousser Convictioun kennt weiderginn -, dass et wichteg wier, dass déi Commission consultative déi néideg budgetär Kreditter zur Verfügung gestallt kritt, och wann eng Reserv am Text selwer ass, fir dass se hir Missiounen kann uerdentlech erfëllen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que l'adoption du projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg permettra à celle-ci de rejoindre au plus vite le Comité international de Coordination des Institutions nationales de protection des droits de l'Homme, qui fonctionne sous les auspices du Haut-Commissariat des Nations unies aux Droits de l'Homme;*

- *insistant que la Commission des droits de l'Homme puisse développer pleinement ses potentialités;*

invite le Gouvernement

- *à mettre à la disposition de la CCDH les crédits budgétaires nécessaires afin de garantir le bon fonctionnement du secrétariat de la CCDH, qui est assuré par les employés de l'État.*

(s.) Lydie Err, Félix Braz, Ben Fayot, Marcel Glesener, Carlo Wagner.

An eng zweet Resolutioun. Déi schéngt mer wichteg, och besonnesch fir d'Chamber. Eng Resolutioun, well am Text vum Gesetz steet dran, dass de Rapport vun dëser Kommissioun soll publizéiert ginn. Et steet awer néierens dran, wéi e soll publizéiert ginn.

Mir fannen et wichteg, dass et net mat der Publikatioun eleng duergeet, mä dass mer duerch d'Publikatioun vun deem Rapport kënnen en Débat public lancéieren iwwer Froe wéi Mënscherechter. Duerfir proposéiere mer, dass zu dëser Publicitéit éischstens eemol d'Joer eng Debatt an der Chamber soll gefouert ginn. D'Dauer dovunner ka jo esou gehale ginn, wéi de Contenu vun deem Rapport dat verlaangt. Mä dat hätt den Avantage, dass mer dann an engems och wéissten, dass dee Rapport géif am Chambersblietche mat publizéiert ginn an dass am Fong eventuell contestéiert oder discutabel Sujeten hei kéinten öffentlech debattéiert ginn.

Ech mengen, dass dat zur Opwärtung vun den Aarbechte vun dëser Commission consultative géif bäidroen. Et ass sécherlech och aus där Ursach eraus, wou d'Kolleege vun alle Borden d'accord waren, fir déi Resolutioun ze ënnerschreiwen.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *saluant le fait que le projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg prévoit de manière générale une publicité obligatoire des travaux de la CCDH;*

- *estimant que cette plus large diffusion animera le débat politique et contribuera ainsi à une sensibilisation de l'opinion publique aux droits de l'Homme;*

décide

- *d'organiser annuellement un débat public à la Chambre des Députés sur le rapport général sur les activités de la CCDH;*

- *de publier l'intégralité du rapport dans le compte rendu de la Chambre des Députés.*

(s.) Lydie Err, Félix Braz, Ben Fayot, Marcel Glesener, Carlo Wagner.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Dann huet den éischte Riedner, den honorabelen Här Glesener, d'Wuert.

Discussion générale

» M. Marcel Glesener (CSV).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, fir d'éischt wëll ech der Rapportrice, eiser Kolleegin, der Madame Lydie Err, villmools Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport, a virun allem awer och fir déi Schnellegkeet, mat där si et fäerdeg bruecht huet, fir dëse Rapport ze presentéieren. Esou dass mer haut an der Chamber kënnen iwwert dee Projet de loi ofstëmmen.

Esou wéi d'Madame Err elo gesot huet, existéiert d'Mënscherechtskommissioun hei

zu Lëtzebuerg zënter dem Mee 2000. Si ass an d'Liewe geruff ginn nodeem d'Generalversammlung vun der UNO am Joer 1993 eng Rei vu Grondsätz adoptéiert huet, déi ënnert dem Numm vun „Paräiser Prinzipien“ bekannt sinn, an deenen d'Länner opgefuerdert gi sinn, eng national onofhängeg - an ech leeën den Akzent op „onofhängeg“ - Mënscherechtskommissioun an hiren eenzelne Länner ze schafen.

Zënter hirer Schafung huet dës Struktur hiren Avis hei zu Lëtzebuerg zu enger ganzer Rei vu Gesetzesprojeten a Sujeten ofginn. Wéi zum Beispill zum Immigrationsgesetz vum 29. August 2008, zum Gesetz vum 27. August 2007 iwwert de Centre de rétention, zu der europäescher Verfassung, zu der Integratioun vu behënnerte Kanner oder méi rezent zur Situatioun vu Mannerjähregen, déi am Prisong sëtzen.

Si dréit mat hirer Aarbecht a Präsenz dozou bäi, iwwert d'Situatioun vun de Mënscherechter zu Lëtzebuerg an iwwert d'Grenzen eraus ze informéieren, Mënscherechtsverletzung virzebeuge souwéi Mëscherechter ze schützen an och ze promovéieren.

Si lenkt d'Opmierksamkeet vun der Regierung op problematesch Aspekter a stellt Moossname vir, déi an hiren Ae fir e gréis-sere Schutz vun de Mëscherechter sinn.

Dir gesitt also, eng ganz wichteg Institution. Mat hirer Informatioun an der Promotioun spillt d'Mëscherechtskommissioun, wéi gesot, eng wesentlech Roll an eiser demokratescher Gesellschaft.

Ech wéilt dës Geleeënheet benotzen, fir och alle Memberen aus dëser Kommissioun fir hir wäertvoll Aarbecht an hiren Engagement Merci ze soen.

» Une voix.- Très bien!

» M. Marcel Glesener (CSV).- Bis haut huet dës Kommissioun op der Basis vun engem Reglement vum Regierungsrat vum 26. Mee 2000 funktionnéiert. Zënter datt den institutionelle System vun der UNO evoluéiert huet, brauche mir e legale Kader.

Den internationale Koordinatiounscomité vun den nationale Mëscherechtsinstitutionen huet virun e puer Joer d'Akkreditatiounskritären, déi déi national Strukture mussen erfëllen, nei definéiert. Just national Institutione mat engem legale Kader dierfen an Zukunft un de Réunionne vum Koordinatiounscomité deelhuefen.

Wéi d'Rapportrice, d'Madame Err, zu Recht gesot an an hirem Rapport ënnerstrach huet, iwwerhëlt de virleienden Text vum Projet déi meescht Dispositiounen vum Reglement vum 2000.

Déi eenzeg Innovatioun besteet doranner, datt aner Organer wéi de Médiateur, den Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand, d'Dateschutzkommissioun un den Assemblée vum der Kommissioun kënnen mat Voix consultative deelhuefen, wat sécherlech fir eng besser Informatioun vun de Membere vun der Mëscherechtskommissioun steet, déi e Gesamtbild vun deene verschiddene Situatiounen heimadder kréien.

Extrem begrëssenswäert ass doriwwer eraus d'Tatsaach, datt d'Avisé vun der Mëscherechtskommissioun eng gréisser Publicitéit kréien. De virleienden Text gesäit nämlech vir, datt de Premier all Avisen, Etüden, Recommandatiounen vun der Kommissioun der Chamber wäert zoukomme loosse. Dëst dréit, wéi de Statsrat zu Recht gesot huet a sengem Avis, zur Sensibiliséierung vun der öffentlecher Meenung iwwert d'Mëscherechter hei zu Lëtzebuerg an an der Welt bäi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss nach ee Wuert. Et ass absolut noutwendeg, der Mëscherechtskommissioun ee legale Kader ze ginn, fir datt dës Kommissioun weiderhin hire Flichten an Aufgaben um internationale Plang nogoe kann. Dat ass genau den Objet vun dem virleiende Gesetzesprojet an dofir, ënner anerem, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech och Merci, datt Der mer esou opmierksam nogelauschtert hutt.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Glesener. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Goerens.

» M. Charles Goerens (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt uganks der Madame Rapportrice félicitéieren. Si huet dat Meescht gesot. Ech wëll mech just op e puer Bemierkunge beschränken, déi menger Meenung no awer am Zesammenhang mam Projet de loi 5882 ubruecht sinn.

Mir begrëssen et als demokratesch Fraktioun, datt dee Règlement grand-ducal elo

ersat gëtt duerch e Gesetz, well esou d'Commission nationale de promotion des droits de l'Homme méi eng zolidd legal Basis kritt. Dat ass och noutwendeg, fir am internationale Kontext kënnen en accord ze si mat de Principes de Paris, déi Bezuch hunn op de Statut, op d'Pouvoiren an op de Fonctionnement, wat d'Promotioun an d'Protektioun vun den Droits de l'Homme ubelaangt.

Déi Bemierkungen, déi ech wollt maachen, hunn engersäits Bezuch op dat, wat um nationale Plang geschitt, an zweetens anersäits op d'Promotion et la protection des droits de l'Homme um internationale Plang.

National gesi begrëisse mer et, datt den ORK an och den Ombudsmann d'Voix consultative kréien an de Pléniëren, déi mindestens all zwee Méint eng Kéier sollen zesummekommen. Mir fannen dat gutt. Aus zwee Grënn. Wuel huet d'Commission nationale des droits de l'Homme eng spezifesch Aufgab a beschränkt sech an hire wesentlechen Aspekter jo op d'Protection an op d'Promotion des droits de l'Homme vun der éischter Generatioun, déi am Fong grosso modo kënnen résuméiert ginn als d'Kodifikatioun vun de Prinzipien, déi an deem doten Domän an der Franséischer Revolutioun gebuer goufen.

Mir begrëssen dat a mengen och, datt, well et am Fong déi eenzeg Rechter sinn, déi bis haut richteg codifiéiert sinn, déi och sollen eng ganz zolidd Méiglechkeet kréien, fir hir Promotioun an och hir Protektioun ze assu-réieren.

Mir sinn awer net dobäi stoe bliwwen, an d'Droits sociaux, d'Droits économiques an och Droits environnementaux mussen och eng Kodifikatioun kréien, well mir kënnen eis net virstellen, datt ee Rechter huet a Fräiheet huet, deen näischt ze räissen an näischt ze bäissen huet - fir et op Lëtze-buergesch ze soen.

Mir haten eng Kéier als Lëtzebuerger Kooperatioun zu Dakar e Colloque iwwert d'Promotion des droits de l'Homme, un deem och deemools d'Chamber deelgeholl huet a vertraude war duerch den Här Vize-president Scheuer. Op deem Colloque ass deemools och festgehale gi vun der Madame Aminata Traoré, der fréierer Kulturministesch vu Mali, datt am Fong een Aarme keng Droits de l'Homme huet, well d'Droits de l'Homme d'Existenz vun der Fräiheet présupposéieren, a wann een aarm ass an et ass een dépourvu de tout, huet ee keng Optionne méi. A wann ee keng Optionne méi huet, huet een och keng Fräiheet. Jidd-falls net d'Wahlfräiheet tëschent verschiddenen Optionen.

Duerfir menge mer, och wann et méi laang dauert, mussen déi Rechter awer progressiv codifiéiert ginn a wa méiglech och international harmoniséiert ginn, fir datt och déi Leit, déi vun deene Rechter privéiert sinn - ech denken un déi ekonomesch an déi sozial -, aus deene Rechter och kënnen aklo-bar Rechter maachen, wa se dovun privéiert si respektiv wann déi Rechter blesséiert sinn.

Wat den internationale Plang ubelaangt - dat ass meng zweet a lescht Bemierkung an deem doten Zesammenhang -, wollt ech unhand vun deem onsägleche Skandal vun den illegale Volé vun der CIA soen, datt mer mat deem neien Instrument, wat jo konform ass zu de Prinzipiën vu Paräis, och misste kënnen Politik maachen, an am Fall, wou international Gremien, wéi zum Beispill de Conseil de l'Europe oder d'Europaparlament sech esou enger Saach unhuefen, déi Gremien aschalten - déi national Commission consultative des droits de l'Homme.

Firwat? De Generalsekretär vum Conseil de l'Europe huet, wéi den Här Dick Marty säi Rapport gemaach huet - dee Rapport, deen natierlech d'Synthèse war vun där Enquêtekommissioun, déi agesat ginn ass -, déi einzel Regierung engegeschréiwten, fir hir Haltung ze kréien, ob déi Virwërf, déi Allégatiounen géifen op si zoutreffen, an et si ganz wéineg Reaktiounen komm an engem éischte Stadium, an déi Reaktiounen waren oft enttäuschend.

D'Enquête, déi d'Europaparlament gemaach huet, huet eng ganz Partie Faiten un d'Dageslicht gezunn, an dat, wat eraus-komm ass - an dee Rapport ass och der Öffentlechkeet zougänglech -, léisst mech schlëssen, datt mer als Europäer am Fong net ganz stolz brauchen ze sinn iwwert dat, wat an deem doten Domän passéiert ass.

Wat kann een do maachen? Dat einfach ak-téieren a soen, hoffentlech kënnt näischt méi esou vir, geet net duer. Mä vläicht kucken, ob de Système institutionnel, dee besteet, richteg openeen agestëmmt ass an ob deen a même ass, fir esou Saachen un d'Dageslicht ze zéien. Et geet net, fir nëmme just ex post esou eppes festzes-tellen an dann duerno de Comportement vun

eenzelne Regierungen ze stigmatiséieren, mä et geet och dorëm, fir esou eppes an Zukunft ze prévenéieren.

Also mussen déi Gremien do och eng dis-suasiv Fonctioun hunn. A wéi kéinte se méi dissuasiv ginn, wéi duerch e gutt Zesum-meschaffe vun deenen eenzelnen nationale Gremien?

Ech kéint mer virstellen, wa mer an Zukunft a Präsenz vun esou engem schwierigen Dossier sinn, datt mer géifen d'Regierung froen, ob se net kéint déi national Kommissioun, wann déi sech net selwer autosai-séiert, chargéiere mat engem Rapport iwwert deen doten Tatbestand. Da kéint een deen och mat deem vergläichen, wat aner Kommissiounen zesummebréngen u Fakten, un Analysen, un Erkenntnisser, an da kéint menger Meenung no déi dissuasiv Fonctioun, vun där ech geschwat hunn, voll zum Droe kommen.

En zweete Grond, firwat déi international Ze-summenaarbecht a mengen Ae wichteg ass, ass d'Onfäegkeet fir gewësse Mësstänn a puncto Non-respect des droits de l'Homme ze stigmatiséieren. Huele mer zum Beispill de Fall vun de Mëscherechter a China. De fréieren hollänneschen Ausse-minister huet emol eng Kéier probéiert virun der Commission des droits de l'Homme zu Genève - wéi se nach esou geheescht huet; haut heescht se jo Conseil - d'Situatioun vun den Droits de l'Homme a China ze themati-séieren.

E war ee vun deene ville Presidente vum Conseil Affaires générales et relations exté-rieures vun der Europäescher Unioun, deen dat probéiert huet. En ass awer ofgeblëtzt um Widerstand vun enger Partie Länner aus de Memberstate vun der Europäescher Unioun, deenen hir Vertrieeder seng Dé-marche net gedeelt hunn. Et dierf een dräi-mol roden, ob et war wéinst de Kontrakter, déi amgaange waren ausgehandelt ze ginn. De Fait war jiddefalls deen, datt duerno den hollänneschen Ausseminister, President vum Conseil, am Fong eleng am Ree stoe gelooss ginn ass.

Dat dierft am Fong net virkommen. Dat kënnt och net virkommen, wann déi 27 Memberstate sech eens wieren, bei esou fundamentale Saachen duerch ee Rouer ze schwätzen, de President ze mandatéieren, iwwer seng Vertrieeder am Conseil de Pro-tection et de Promotion des Droits de l'Homme vun der UNO, mat enger Sprooch ze schwätzen, an da mat 27 Stëmme versich-en déi Punkten op den Ordre du jour ze kréien. Wa mer et net fäerdeg bréngen, in-ternational emol esou Punkten iwwerhaapt op den Ordre du jour ze kréien, da stëmmt eppes an deem ganze Gefüge net. An et ass dat précisément, wat mer misste ver-besseren.

Dat ännert guer näischt un de Mériten, déi eis Leit hei am nationale Conseil hunn, an esou wéi ech Eenzelner vun deene kennen, sinn déi och un deenen doten Aspekter ganz staark interesséiert, well d'Droits de l'Homme sont indivisibles, an et kann een dat net op d'Grenze vun engem eenzelne Land beschränken.

» Une voix.- Très bien!

» M. Charles Goerens (DP).- Ech wën-schen deem neie Gremium vill Chance, eng konstruktiv Zesummenaarbecht, an ech hof-fen och, datt mer hei an der Chamber perio-desch e Rapport ze diskutéiere kréien iwwert d'Erkenntnisser vun deem Gremium do.

Mir hunn elo also e Gremium, deen - bei där zolitter Besetzung, an och bei deem An-crage an der Lëtzebuerger Realitéit, be-déngt duerch d'Präsenz vum Ombudsmann a vum ORK - absolut d'Héicht muss hale mat den Erausforderungen, an déi si be-kanntlech net kleng. Mir hunn haut an en-gem Kontext, dee markéiert ass vun enger berechtegter Ängscht vis-à-vis vum Terro-rismus an och heiansdo mat Iwwerreaktiou-nen op deeselwechte Phänomeen, ze di mat enger ganz grousser Erausforderung, an déi kënnen nëmme just Leit mathëllefe behiewen, déi déi néideg Pondératioun hunn, déi richteg Sensibilitéit an och dee richtigen institutionellen Encadrement, fir deenen Aufgabe kënnen gerecht ze ginn.

Esou kann ech absolut déi Konkusiounen deelen, déi d'Madame Err hei, am Numm vun der Commission des Affaires étran-gères, der Chamber matgedeelt huet, hir nach eng Kéier Merci soen, an deem neie Gremium vill Chance wënschen, fir senge wichtegen Aufgaben nozekommen.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Goe-rens. Den honorabelen Här Braz huet als leschte Riedner d'Wuert, ier d'Regierung kënnt.

» **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Merci, Här President. Ech kann och ganz kuerz sinn, well d'Madame Err huet als Rapportrice wierklech alles gesot an och an hirem Rapport geschriwwen, wat ze soen ass. Den Här Goerens huet nach e puer Saachen drugehaangen, wou ech mer och eenzel Stéchwierder notéiert hat, déi ech mer dann awer ka spueren an net méi hei nach eng Kéier widderhuelen.

Just zwou, dräi ganz kuerz Remarquen. Déi éischt, fir z'ënnersträichen, dass mer et ausdrécklech ënnerstëtzen, dass déi Kommissioun elo eng legal Basis kritt. Och wa se weiderhin e berodende Gremium vun der Regierung bleift, fanne mer et besser, dass d'Parlament hei e Wuert matzeschwätze kritt, an dat aus zwee Grënn.

Deen éischte Grond ass, well hei zu Lëtzebuerg d'Mënscherechter sech net automatesch astellen. Et ass net esou, dass mer zu Lëtzebuerg keng Problemer hätten. Problemer mat de Mënscherechter ass net en Apanage vun Diktature vun anere Kontinenten, mä och hei an Europa, an och hei zu Lëtzebuerg, gëtt et am Beräich vun de Mënscherechter praktesch am Alldag Froen opzeweerven an och Froen ze diskutieren.

Mir hu gesinn, dass déi Kommissioun an de leschte Jore wuel eng Rei Avisen ofginn huet; mir hunn awer och gesinn, dass déi Avisen net ëmmer vun der Regierung ugefrat waren. Mir sinn der Meenung, dass et dofir eng Valoriséierung vun der Kommissioun brauch, déi se duerch hire neie Statut och kritt, well de Réckgrëff op déi Kommissioun an de leschte Joren net esou oft an automatesch stattfonnt huet, wéi et eiser Meenung no hätt misse sinn. Dofir hu mer dat och ëmmer ënnerstëtzt, wann d'Kommissioun vu sech aus eng Initiativ geholl an en Avis produzéiert huet zu Themen, déi wichteg waren, notamment ronderëm dee ganzen Themekomplex Asyl an Immigratioun.

Mir mengen, dass een d'Kommissioun soll doranner bestärken, op hir eegen Initiativ hi weiderhin Avisen ze maachen, an dass se probéieren soll, d'Bandbreet vun hiren Aktivitéite méi breet ze begräifen. Mir sinn net der Meenung, dass se soll beschränkt bleiwen op originaire Mënscherechter, wéi se an der Mënscherechtskonvention geschriwwen sinn, mä dass se tatsächlech soll probéieren, net nëmme reaktiv ze schaffen, mä an enger proaktiver Logik sech selwer mat Froen ze saisiéieren, déi am breede Sënn vum Wuert mat Mënscherechter ze dinn hunn. Do falen da Stéchwierder wéi d'Recht op eng gesond Ëmwelt, Sozialrechter, Aarmut fir eis ausdrécklech och mat an hiert Aufgabebitt, a mir wëlle se och doranner als gréng Fraktioun ënnerstëtzen a bestärken.

Eng lescht Remarque, fir nach eng Kéier z'ënnersträichen, dass dat awer och eng Saach ass vun de Moyenen. D'Madame Err huet schonn drop higewisen, dass déi Moyenen, déi hinnen zur Verfügung gestallt ginn, vläicht nach net optimal sinn. Si sinn zum Deel un der Limite vun deem, wat een als Minimum géif qualifizéieren. Do si mer och der Meenung, dass, an deenen nächste Méint a Joren, zesumme mat der Aarbecht vun där Kommissioun, een dat am A behale sollt, wéi déi Kommissioun sech entwéckelt.

Et läit och eng Resolutioun um Dësch, déi déi gréng Fraktioun mat ënnerstëtzt, fir dass mer och op eng jährlécher Basis sollen net nëmmen en inhaltleche Bilan iwwert d'Aarbecht vun der Kommissioun maachen, mä och all Kéiers präiwen, ob déi Moyenen, déi se hunn, et erlaben, hiren Aufgaben an hiren héijen Ziler, déi mer ënnerstëtzen, gerecht ze ginn.

Et ass also och eng Fro vu Moyenen, an do ass eiser Meenung no, och nom Vote vun deemem Text, dee mer ënnerstëtzen, nach munches ze verbesseren. An deem Sënn wäert déi gréng Fraktioun d'Aarbecht vun der Kommissioun suivéieren, fir dass se déi Hoffnung, déi a se gesat gëtt, an den nächste Joren och erfëlle kann.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Braz. D'Wuert huet elo d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs.

(*Interruption*)

Pardon! Här Henckes, Dir waart net ageschriwwen, Dir hat Iech och net gemellt. Mä et ass ni ze spët.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Här President, ech wäert mech och ganz kuerzfaassen. Fir d'éischt wëll ech der Madame Rapportrice Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Bericht. Si huet och zwou Motiounen déposéiert, wou ech direkt wëll soen, dass mir bereet sinn, se matzedroen an ze stëmmen.

Am Projet de loi geet et ëm dräi Punkten. Beim éischte geet et drëm, der Commission consultative eng legal Basis ze ginn, wat noutwendeg ass fir um Niveau vun der UNO kënnen matzeschwätzen. Dofir ass et och richtig, dass mer op dee Wee do ginn.

Déi zweet wichteg Neierung läit doranner, dass alleguerten déi aner Organismen, wéi de Médiateur, d'Commission nationale pour la protection des données, den Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand an de Centre pour l'égalité de traitement entre hommes et femmes, och elo iergendwéi mat an dee ganze Komplex vu Mënscherechter integréiert ginn. Dat bewierkt, dass se kënnen matdiskutieren, dass dat institutionaliséiert gëtt, dass viraussichtlech och méi Publikatiounen a méi Avisë wäerten aus deem Ganzen do entstoen, an dass eng gewësse Koordinatioun um Niveau vun den Avisë wäert geschéien. Doduerch ass och d'Palette, mat där elo d'Mënscherechter hei zu Lëtzebuerg sollen ofgedeckt ginn, erweidert ginn.

Et schéngt mer och wichteg ze sinn, dass mer hei am Gesetz virgesinn, dass d'Avisë vun der Kommissioun publizéiert ginn. Wa se net publizéiert ginn, da bleift et just nuren Insiderwëssen, an dat ass net gutt.

Duerfir ass dat heiten och eng ganz wichteg Neierung an deemem Gesetz. Bien entendu geet et och drëm, fir d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, wat mer jo och iwwert de Wee vun enger Motioun dann un d'Regierung wëlle realiséieren. Ech hoffen, dass deem dann och Rechnung gedroe gëtt am Budget fir d'nächst Joer.

Dat gesot, hoffen ech, dass mer alleguerten haut hei a grousser Unanimitéit deemem gudden Gesetz kennen zoustëmmen.

(*Interruptions*)

» **M. le Président**.- Merci, Här Henckes. D'Madame Marie-Josée Jacobs huet elo d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration**.- Här President, ech géif awer, fir unzefänken, de Statsminister wëllen entschëllegen, deen eigentlech dee Projet hei déposéiert huet, a selbstverständlech mech och deene Félicitatiounen an de Mercien uschlësse vis-à-vis vun der Rapportrice, déi hei op eng exzellent Aart a Weis dee Projet virgestallt huet, sou dass et sech eriwwegt fir eis alleguerten, fir nach laang doriwwer ze schwätzen.

Ech denken, dass mer, esou wéi et ausgesäit, jo à l'unanimité dat wäerte stëmmen, wou mer dee Comité haten, dee funktionéiert huet, deen elo Gesetzesgewalt kritt an doduerch dat eenzegt Organ ass, dat Lëtzebuerg op internationalem Niveau wäert verrieden an all deene Froen, déi mat Mënscherechter ze dinn hunn.

Esou wéi eng Rei vu Virriedner et gesot hunn, ass et och wichteg, dass déi Zesummenaarbecht stattfënnt mat dem Médiateur an dem Kannerrechtscomité. Mir sinn awer an engem klengen Land, also ass et och wichteg, dass déi verschidden Organer matenee schaffen an dass déi Vernetzung do wäert stattfannen, déi wichteg an néideg ass.

Dee Comité gëtt entweder vun der Regierung befaasst, fir sech mat engem Thema ze befaassen, oder awer e ka sech och selwer saisiéieren, esou dass ech denken, dass dat och eppes ass, wat all deenen Erwaardungen, déi hei un hie gestallt ginn, Rechnung dréit.

Ech huele selbstverständlech déi Motioun mat, déi hei vun der Chamber proposéiert gouf, fir dann och déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir dass dee Comité ka funktionéieren. Iwwert d'Resolutioun hunn ech näischt ze soen, dat ass der Chamber hir Aufgab.

Duerfir géif ech Iech Merci soen a mech deene gudden Wësch mat uschlëssen, dass dee Comité och an deenen nächste Joren eng ganz wäertvoll Aarbecht mécht fir d'Land, awer doriwwer eraus och am Kader vun der UNO a vun all deenen internationale Gremien, an deene mer vertritt sinn.

Merci villmools.

» **M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum Vote vun deemem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5882 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-

Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

D'Motioun, déi d'Madame Err déposéiert huet, ass vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Kënnen mer par main levée doriwwer ofstëmmen?

(**Assentiment**)

Vote

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dat ass d'Unanimitéit.

Résolution 1

D'Resolutioun ass och vun alle Gruppen ënnerschriwwen. Och do kënnen mer par main levée stëmmen.

Vote

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Déi Resolutioun ass och à l'unanimité ugeholl.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, der Fro vun der honorabler Madame Spautz iwwert d'Caisse nationale des Prestations familiales. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

5. Question avec débat N°39 de Mme Vera Spautz au sujet du fonctionnement de la Caisse nationale des Prestations familiales

» **Mme Vera Spautz** (*LSAP*).- Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee Problem, op deen ech hei wëll agoen, ass leider net nei. Schon 1993, also viru 15 Joer, huet de fréiere Familljeminister etlech Froen iwwert de Fonctionnement vun der Kannergeldkeess misse beäntweren. Ënner anere meng eng vun de deemolegen LSAP-Deputéierte Mars Di Bartolomeo, dee wollt wëssen, firwat dass d'Kannergeldkeess e Retard vu sechs Méint hätt, fir Dossieren ze evaluéieren. Deemools huet de Minister sech engagéiert, dës Administratioun mat zousätzlechem Personal opzestocken, an ausserdeem hu Leit de Samschdeg Iwwerstonne gemaach, fir mat der Aarbecht nozekommen.

1998 ass dann en Audit vun der Kannergeldkeess gemaach ginn. An déi Recommendationen - wéi zum Beispill eng komplett Reorganisatioun vun de Services -, déi dobäi erauskomm sinn, sinn 1999 an 2000 ëmgesat ginn.

Ech wëll ënnersträichen, dass ech net dorunner zweifelen, dass déi Leit, déi op der Kannergeldkeess schaffen, hir Aarbecht gutt a gewëssenhaft erleedegen a sech all erdenklech Méi ginn, fir den Demandeur esou schnell wéi méiglech dat zoukommen ze loossen, wat si zegutt hunn.

Ech gesinn och, dass déi jeeweileg Ministeren eng ganz Rei Ustrengunge gemaach hunn a maachen, fir d'Kannergeldkeess esou auszustatten, dass si en optimale Service um Client ka bidden. Trotzdeem ass d'Situatioun net wierklech besser ginn.

Op eng nei Fro vum Mars Di Bartolomeo, dës Kéier war dat am Juli 2001, huet d'Familljeministesch eng ganz Rei Erklärungen ginn iwwert den Traitement vun den Dossieren, iwwert d'Kollaboratioun mat den Autoritéiten vun eisen Nopeschlänner fir d'Demandë vun de Frontalieren, iwwert d'Situatioun vum Personal an esou weider, mä si huet awer och ënnerstrach, dass generell d'Dossieren innerhalb vun enger Woch géifen traitéiert ginn. Just an Ausnahmefäll a wa Pièce feelen, géif et méi laang schleefen. Esou wäit an esou gutt.

Wann ech dann awer de Rapport d'activité vun dem Familljeministère aus dem Joer 2007 liesen, stellen ech fest, dass d'Problemer an all deene Joren anscheinend net konnte geléist ginn, oder wéi erkläert ee sech, dass de Volet iwwert d'Prestations familiales feelt, an dat mat folgender Erklärung: «À noter également qu'en vue de la charge de travail accrue de la Caisse nationale des Prestations familiales ainsi que le manque de personnel particulièrement resenti, il n'a pas été possible d'intégrer dans le présent rapport le volet des 'Prestations familiales'.»

Dës Joer den 23. September 2008 huet eng Lëtzebuergesch Televisioun de Fonctionnement vun der Kannergeldkeess erëm op en Neits op de Leescht geholl. Ech weess och, dass déi zwee Beispiller vu Frontalieren, déi iwwer ee Joer op hir Sue waarden, net därfe generaliséiert ginn. Trotzdeem sinn an deem Reportage awer och erëm Schwieregkeeten op d'Tapéit komm, déi menges Wëssens nach net geléist sinn an op déi ech gären dann hei eng Äntwert hätt.

Ech hu mech selwer dovunner kënnen iwwerzeegen, dass et eng Saach vun der Onméiglechkeet ass, fir bei der Kannergeldkeess een op den Téléfon ze kréien. Ech wéisst gären, firwat dass dat nach ëmmer esou ass, oder wéi d'Ministesch gedenkt, dee Kommunikatiounswee méi einfach ze maachen.

An deem Kontext stellt sech natierlech d'Fro, wéi wäit dann den Internetsite genotzt gëtt, fir Froen aus der Bevëlkerung ze klären respektiv fir mat der Kannergeldkeess a Kontakt ze trieden. Och do hunn ech selwer eng Rei Deeg gewaart.

Ass et richtig, dass och schrëftlech Ufroen un d'Kannergeldkeess eréischt no e puer Woche beäntwert ginn?

Ech denken, d'Zil vun der Regierung muss et sinn, déi Administratioun méi clientsfrëndlech ze maachen.

Ee Problem sinn awer ganz sécher och déi ageschränkten Öffnungszäiten. Et kann net sinn, dass een um Téléfon guer keng Äntwert kritt, schrëftlech wochelaang duerno, a wann een dann an de Guichet wëllt goen, een och nach stonnelaang muss waarden, well den Undrang esou grouss ass, dass ee schonn eleng stonnelaang muss waarden, fir en Ticket ze kréien, fir da weider ze waarden.

D'Kréierung ass dann awer och, dass d'Büroen an der Mëttesstonn zou sinn an de schaffenden Normalbürger sech muss Congé huelen, fir op d'Kannergeldkeess ze goen. D'Öffnungszäiten, fir se vläicht ze soen, si vun 8 bis 11.30 a vu 14 bis 15.30 Auer mëttes.

Huet d'Ministesch geplangt deem Zoustand entgéintzewierken, a wa jo, wéi?

Wéi huet dee Guichet unique sech entwéckelt a wéi e Bilan kann een doraus zeien?

Méi generell wëilt ech einfach wëssen, wéi d'Regierung den aktuelle Fonctionnement vun der Kannergeldkeess aschätzt an ob Moosname geplangt sinn, fir en optimalen Accueil an Zukunft ze garantéieren.

Wéi ech virun erwähnt hunn, feelt de Volet iwwert d'Prestations familiales am Rapport d'activité vum Ministère vun 2007. Kënnt deen nach? Oder kann d'Ministesch der Chamber e puer Zuelen nennen iwwert d'Evaluatioun vun der Unzuel vun den Dossieren an deene leschte Joren...

» **M. le Président**.- Madame Spautz, Är Zäit leeft of.

» **Mme Vera Spautz** (*LSAP*).- ...an d'Charge de travail vum Personal am Allgemengen?